# Fonction publique

# info

**hello.ogbl.lu**
www.ogbl.lu
contact: contact.ogbl.lu
twitter: ogbl_luxembourg
instagram: @ogbl_luxembourg
facebook: ogblservicespublics

## Subvention d'intérêts fir Staats- oder Gemengebeamten/Employéen

### Konditiounen:

- Kaf / Bau / Transformatioun vun engem Logement zu Lëtzebuerg, deen als Haaptsëtz vum Fonctionnaire/Employé.e genotzt gëtt;
- Immobilieprêt bei enger Bank zu Lëtzebuerg, an der EU oder am europäesche Wirtschaftsraum spéitstens op den 1. Januar vum lafende Joer;
- D'Demande fir eng Subventioun muss virum 1. Juli eragereecht ginn;
- Just eng Subventioun pro Stot;
- Minimum 1 Joer Service beim Staat/der Gemeng op den 1. Januar vun deem Joer, wou d'Demande fir eng Subventioun gemaach gëtt;
- Den Demandeur duerf just ee Logement besëtzen.

### Calcul vun der Indemnitéit:

Fir de Montant vun der Subventioun ze berechnen, gëtt ee maximale Montant vun 150.000€ pro Logement consideréiert. D'Subventioun gëtt wärend enger maximaler Dauer vu 15 Joer ausbezuelt.

Fir d'Berechne vum Montant gi folgend Facteure gekuckt :

- Solde vum Prêt op den 1. Januar vum Referenzjoer ;
- Den accordéierten Taux annuel effectif op den 1. Januar vum Referenzjoer ;
- Den Taux de référence ;
- Prozentsaz fir Beamten/Employéen ouni Kanner: 0,50% op de Solde vum Prêt multiplizéiert mat dem Taux vum Plan d'amortissement. Dëse Prozentsaz gëtt pro Kand[1] mat 0,50% majoréiert.
- den definéierte Plan d'amortissement.

### Ufroe vun der Subventioun :

**Fir Staatsbeamten/Employéen :** Beim Ministère de la Fonction publique per Mail un subventions@cgpo.etat.lu oder Telefon op den 247 83117. Delai : virum 1. Juli all Joer

**Fir Gemengebeamten/Employéen:** Beim Collège des Bourgmestre et Échevins virum 1. Juli all Joers.

[1] Kand muss manner wéi 27 Joer hunn a beim Beamten/Employé wunnen an iwwert seng Sozialversécherung verséchert sinn.